

ze kréien. Et ass awer och en Engagement vu Lëtzebuerg par rapport zu senger Sëtzpolitik um Niveau vun der Europäescher Unioun.

Dir wësst, dass mir niewent Bréissel a Stroossbuerg en drëtten Piliër si vun de Sëtzer. A genau déi Direction générale vun dem Budget, déi déi heite Schuldtitren emetteiert, déi huet hire Sëtz op der Cloche d'Or an engem Gebai. Duerfir ass et och en Engagement par rapport dozou. An de Franz Fayot hat et richteg ugeschnidden. Et ass net déi éischte Kéier, dass mer déi Exceptioun hei maachen, wou och de Conseil d'État gesot huet: „Dat geet.“ Firwat? Well et an engem héijeren effentlechen Interessi ass. An dat selwecht ass geschitt, wéi deemools den Europäesche Stabilitätsmechanismus opgeluecht gi war, wouvunner e fréiere Virgänger vu mir, den Här Pierre Gramegna, de Chef ass. An deemools ass och do déi Ausnam gemaach ginn, soudass et kee Präcedent ass, mee dass et e sënnavolle Gesetzestext ass, d'autant plus wou déi Titren och nach op der Lëtzeburger Bourse quotéiert ginn, also eng Win-win-Situatioun, wou mer frou sinn als Regierung, dass dat hei ka mat engem breeder Zoustëmmung am Parlament guttgeheescht ginn.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Finanzminister villmools Merci. An dann ass d'Diskusioun domat ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8289. Den Text steet am Document parlementaire 8289³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8289 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass dat folgend: Jo-Stëmmen: 55, Nee-Stëmmen: keng, an Enthaltungen: 5. De Projet ass also domat mat 55 Jo-Stëmmen a 5 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) ;

MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

9. 8290 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

2^o de la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques

Mir kommen elo zum Projet de loi 8290 iwwert d'Erhéijung vum maximalen Taux vun der CO₂-Tax bis 2026, esou wéi vum Crédit d'impôt CO₂. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, déi verschidde Fraktiounen a Sensibilitéte jeeeweils fénnef Minutten, d'Regierung zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Corinne Cahen, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Aehm. Madamm Aehm.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Aehm (CSV), rapportrice | Merci, Här President. De Gesetzesprojet, iwwert dee mir elo diskutéieren, gesäit vir, de maximalen Taux vun de sougenannten „Droits d'accises autonomes additionnels“ op den energieetesche Produiten eropzesetzen. Déi sougenannten „Taxe CO₂“ also, soll an den nächste Joren eropgesat ginn, fir 2026 op de Präis vu 45 Euro pro Tonn CO₂ ze kommen.

Op den 1. Januar 2024 geet also des Tax ëm 5 Euro pro Tonn CO₂ erop, fir sech dann op 35 Euro ze belafen. Fir deene Leit mat méi kleng Revenuen awer weiderhi kënnen ënnert d'Äerm ze gräifen, gëtt mat deem Gesetzesprojet och de Crédit d'impôt CO₂ ëm 24 Euro ugehuewen, fir vun 144 op 168 Euro ze klammen. Hei geet et ëm de sozialen Ausgleich.

Dese Gesetzesprojet ass ze gesinn am Kader vum sougenannte PNEC, dem Plan national intégré en matière d'énergie et de climat, dee vun der viregter Regierung den 21. Juli 2023 aktualiséiert gouf.

De 4. August 2023 gouf dese Gesetzesprojet nach vun der viregter Finanzministesch deposéiert.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis de 25. Oktober eraginn. Si widderhëlt nach eng Kéier, dass si géint d'CO₂-Tax ass. Och wa si approuvéiert, dass de Betrag vum Crédit d'impôt CO₂ eropgeet, esou fënnt si, dass dat nach laang net duergéet.

D'Chambre de Commerce weist sech mam Gesetzesprojet averstanen an hirem Avis vum 2. November 2023. Si weist awer op de Secteur vum Giddertransport hin, dee riskéiert, Problemer ze kréie mat der Erhéijung vun der CO₂-Tax.

D'Chambre des Salariés stellt an hirem Avis vum 16. November fest, dass d'Regierung hirer Demande nokomm ass, fir de Crédit d'impôt CO₂ unzehiewen.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 28. November och keng fundamental Problemer mam Gesetzesprojet, mee huet just verschidden Observations d'ordre légistique gemaach. Dës Observatiounen goufen all iwwerholl, mat der Ausnam vum aktuellen Artikel 3 respektiv dem ursprénglechen Artikel 6. Hei proposéiert de Staatsrot, d'Wierder „à l'exception des articles 1^{er} à 3 qui sont applicables à partir de l'année d'imposition 2024“ ewechzelossen, an dëst mat der Begrënnung, dass dese Gesetzesprojet nëmmen ab dem Steuerjoer 2024 applikabel ass, wann en den 1. Januar 2024 a Kraaft trëtt.

Well awer net all Steuerzueler en Exercice d'exploitation huet, deen den 1. Januar ufänkt, huet déi zoustänneg Kommissioun decidéiert, dese Bezuch op d'Année d'imposition stoen ze loosser. Fir all weider Detailler weisen ech op mäi schrëftleche Rapport esou wéi op déi verschidden Avisen.

Ofschléissend soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Aehm villmools Merci fir hire schrëftlechen an hire mündleche Rapport. Ech maachen dat am Numm vun deenen eenzelne Fraktiounen an der Chamber an ech wollt et, ouni d'Prerogative vun der Regierung ze beschneiden, och am Numm vun der Regierung maachen. Da brauche mer dat net alles ze widderhuelen, wann d'Regierung domat d'accord ass.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Corinne Cahen agedroen. D'Madamm Cahen huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Corinne Cahen (DP) | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen et direkt: D'Weiderféierung vun der CO₂-Steier ass fir eis als Demokratesch Partei déi eenzeg logesch Konsequenz.

Allerdéngs, an dat soen ech och elo direkt, si muss sozial kompenséiert ginn, fir dass déi, déi net esou gutt do stinn, net drënner leiden.

D'CO₂-Steier gouf 2021 agefouert mat zwee Ziler: Déi, déi polluéieren, déi sollen natierlech och bezuelen. Dat ass de Prinzip vum Pollueur-payeur, wat den Ausstouss vu klimaschiedlechen Emissiounen betrëfft. Dat muss natierlech esou gëllen. An da geet et natierlech och drëms, de Gebrauch vu fossille Brennstoffen ze reduzéieren.

De Gros vun eisen Emissiounen zu Lëtzebuerg kënnt vum Transportsektor, an do virun allem vum Tanktourismus. Wa mer eis Klimaziler erreeche wëllen, da mussen mer d'Tanken zu Lëtzebuerg progressiv ëmmer manner attraktiv maachen.

Am Kader vun der Aktualiséierung vum PNEC huet de Statec kloer gewisen, dass och an Zukunft d'CO₂-Steier e wichtege Hiewel bleift, fir op deem Wege weiderzefueren an eis Emissiounen ze reduzéieren.

Aus deem Grond huet déi viregt Regierung och decidéiert, d'Trajectoire vun de leschte Jore weiderzeféieren, dat heescht, dass de Präis fir eng Tonn CO₂ pro Joer ëm fénnef Euro klëmmt. Ech erënneren drun, dass dat ronn ee bis zwee Cent de Liter Bensinn oder Diesel sinn.

Beim Präis fir eng Tonn CO₂ hu mer 2021 bei 20 Euro ugefaangen, d'Rapportrice huet dat grad gesot. Mir géifen d'nächst Joer fir eng Tonn CO₂ bei 35 Euro leien, fir dann 2026 op 45 Euro ze kommen.

Doduerch, dass mer dese Projet stëmmen, deen nach vum Här Roth senger Virgängerin, der Madamm Yuriko Backes deposéiert gouf, bleiwe mer an der Kontinuitéit vun der Klimapolitik vun der leschter Regierung. Et ass evident, dass mir do als DP weiderhin och voll dohannert stinn.

Ech hat et ugangs scho gesot: Fir ons als DP war a bleift déi sozial Gerechtkeet en essentielt Element hei an deemem Projet de loi. Et ass an onsen Aen essentielt, dass d'Leit matmaachen, dass mer se mat an d'Boot huele bei der energieetescher Transitioun. Et kann een dat net géint d'Leit maachen, mee mer müssen do all zesammen an engem Strang zéien.

Zousätzlech Belaaschtunge musse sozial ofgefiedert ginn, fir besonnesch deene Stéit, déi manner gutt do stinn, dann ënnert d'Äerm ze gräifen.

Mir begrüessen dowéinst, dass den aktuelle System bäibehale gëtt, dee virgesäit, dass d'Recetten aus der CO₂-Steier zur Hallschent a Sozialmesüre fléissen an zu der anerer Hallschent dann an de Klimafong, fir d'Klimasubsiden ze finanzéieren.

De Statec hat bei der Aféierung vun der CO₂-Steier kloer gewisen, dass deen neie Steierkredit seng Funktioun voll a ganz erfüllt an den Impakt op déi ënnescht Decillen effikass offiedert. Dass mat der Progressioun vun der CO₂-Steier och de Steierkredit weider no uewen ugepasst gëtt, kënnen mer an deem Kader also nëmme begrüessen.

Wa mer eng Akzeptanz vun der Klimapolitik bei de Leit wëlle schafen, dann dierf se net als Bestrofung wouergeholl ginn – am Géigendeel. Mir mussen d'Leit mathuelen an hinne viabel Alternativen ubidden, besonnesch och duerch attraktiv a cibléiert Subsidien.

Här President, erlaabt mer, nach ganz kuerz op e leschte wichtege Punkt anzegoen. Opgrond vum europäesche Kader, an deem mer eis hei beweegen, wäert den Emissiounshandel an den nächste Jore sou oder sou op d'Secteur vum Transport, dem Logement a sou weider ausgeweit ginn.

Elo ass et d'Decisioun vun de Memberstaaten, ob se bei deem europäesche System matmaache wëllen an ob d'Recetten dann aus dem Emissiounshandel op Bréssel solle goen, oder ob se en nationale System aféieren an da selwer iwwert déi Sue verfüge kënnen. Wa mir de Choix hunn, da liicht et, mengen ech, jidderengem an, dass mir déi Sue léier hei zu Lëtzebuerg géifen halen an domadder eeben da Politik hei am Land fir d'Leit hei am Land maachen, andeems mer notamment, wéi bis elo, generéis Klimasubsidie finanzéieren.

Här President, ech hätt jo elo Merci gesot. Ech maachen dat dann elo net, mee ech géif Iech awer soen, dass ech heimadder och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei gi fir dese Projet. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Mammad Cahen. An als nächste Riedner ass den honorabelen Här Franz Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Här President, léif Kollegeginnen a Kollegen, mir wäerten duerno nach hei an der Chamber iwwert d'COP28 schwätzen, mee et ass elo scho kloer, wann een de Wëssenschaftler nolauschtert, dass d'Joer 2023 dat wäermst Joer ass säit d'Temperature gemooss ginn, säit dem industriellen Zäitalter.

Am Oktober dëst Joer sinn d'Temperaturen am Duerchschnitt schonn 1,6 Grad méi héich gewiescht wéi am preindustriellen Zäitalter. Dat ass dat groust Thema gewiescht op der COP28: dem Phasing-out endlech e Signal ze ginn, dass mer aus de fossillen Energien erausklammen. Do ass natierlech d'CO₂-Bepräisung e Schlëselelement an där Diskussioun.

De Gesetzestext, iwwert dee mer haut befannen, setzt am Endeffekt eng politesch Decisioun vun der viregter Regierung aus dem aktualiséierte PNEC ëm. Mir fuere weider mat der Trajectoire vun der CO₂-Steier, fir um Horizont 2026 op en Niveau vun 45 Euro pro Tonn CO₂ ze kommen. Gläichzäiteg féiere mer en eegestännegen CO₂-Steierkredit an an adaptéieren iwwert dee Wee déi sozial Kompensatioun vun der CO₂-Steier.

Déi zwou Komponenten – d'Bepräisung an hir sozial Kompensatioun – sinn immens wichteg, well se ouni Alternativ sinn. Mir mussen der Pollutioun e Präis ginn, fir dass déi immens Käschten, déi se verursaacht an ëmmer méi verursaache wäert, net eleng vun der Kollektivitéit gedroe ginn. Gläichzäiteg ass eng sozial Kompensatioun onverzichtbar, wa mer déi gesellschaftlech Adhesioun an Akzeptanz zur Lutte géint de Klimawandel behale wëllen.

De Kampf géint de Klimawandel musse mer als e kollektiven Effort ugesinn, als e Gesellschaftsprojekt. Mir maachen dat natierlech aus Léift zur Ëmwelt, well dat ass eisen Habitat, eis Grondlag. Mir maachen dës Efforten awer och aus Léift zu eis selwer an zu zukünftege Generatiounen, well et sinn eis eege Grondlagen, mat deene mer hei spillen.

Dofir musse mer och éierlech si mat eis selwer. Mir mussen eis d'Fro stellen, ob mer am Moment ambitiéis genuch sinn. Mir mussen eis notamment och éierlech d'Fro stellen, ob dat duergeet, wat mer mat eiser CO₂-Steier wëllen hunn am Hibleck op d'Vitess vun der Transitioun, ob mam Phasing-out oder – fir de Language vun der COP28 ze huelen – mat der Transitioun eraus aus de fossillen Energien.

Dat ass déi Diskussioun, déi mer och hei an der Chamber wäerten an deenen nächste Méint a Jore kréien. Mir hunn do en Avis virleie vun der Cellule scientifique vun der Chamber, deen och eng Rei Konklusiounen an Analyse mécht zu der CO₂-Steier, wéi mer se fir de Moment hunn. An ech mengen, mir mussen eis als Chamber a verschiddene Kommissiounen mat deem Avis ausenansetzen an och do vis-à-vis vun der Regierung Force de proposition sinn, wéi mer déi CO₂-Steier, och hirsichtlech der Ëmsetzung vun der Decisioun vun der COP28, wëllen an Zukunft ëmsetzen.

D'Bepräisung vum CO₂ – ech hunn dat gesot – ass den Haaptfacteur, fir fossill Energie manner attraktiv ze maache wéi erneierbar Energien. Déi gutt Nouvelle ass, dass de Point d'inflexion elo schonn erreecht ass. Mee wat mer den CO₂ méi staark bepräisen, wat mer natierlech méi séier virukommen. Schweden huet hir CO₂-Bepräisung schonn 1991 agefouert an zielt mat engem Präis vun 117 Euro pro Tonn CO₂ zu de Virreider an der Lutte géint de Klimawandel.

Une voix | Bravo!

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, bravo, effektiv.

Den Avis vum Observatoire de la politique climatique par rapport zur Mise à jour vum PNEC huet sech fir eng CO₂-Steier vun 200 Euro ausgeschwat. Och de Klimabiergerrot huet a sengem finale Rapport eng Hausse vun der CO₂-Steier op 200 Euro – an Etappe – proposéiert. D'OECD huet sech eis Situatioun zu Lëtzebuerg méi genee ugekuckt a kënnt zur Konklusioun, dass, wa mer d'Vitess vun eiser Trajectoire géife verduebelen – dat heescht, mat Etappen, mat Schrëtt vun 10 Euro alljoers géifen dropleeën, amplaz vu 5 Euro –, dass mer eleng doduerch eis Emissiounen géifen ëm 50 % reduzéiere kënnen bis Horizont 2050.

Natierlech klängt dat alles immens ambitiéis, mee wann een awer dat Signal net gëtt, da beweegt sech och näischt. D'Politik soll een och ëmmer ausrichten no der Realitéit, wéi se ass. Wa mer als Weltgemeinschaft op där Schinn weiderfuere, op där mer ënnerwee sinn, da wäerte mer plus 3 Grad Äerderwärmung um Enn vun deem Joerhonnert erreecht hunn. Dat ass justement dat, wat mer net wëllen. An dat ass och dat positiivt Signal, wat aus der COP28 elo erausgoung.

Här President, ech géif gäre fir ofzeschlëssen heizou natierlech soen, dass mer dee Projet de loi hei ënnerstëtzen. Et ass, wéi gesot, an der Kontinuitéit, wat mer

an deene leschte Legislaturen decidéiert hunn. An, ech mengen, dat ass och sou, wéi mer et sollte maachen. Mee, wéi gesot, nach eng Kéier: Mir mussen eis froen, ob mer ambitiéis genuch sinn, am Sënn och vun enger juster Transitioun, an där mer dra sinn.

Här President, ech géif och nach gären eng Motioun hei ofgi bei Iech am Numm vun der LSAP-Fraktioun. Et ass jo sou, dass d'Recettë vun der CO₂-Steier sollen opgedeelt ginn, engersäits fir Mesüre géint de Klimawandel an anerersäits och fir sozial Mesuren ze finanzéieren. A mir hätt gär, dass d'Regierung eis géif och transparent weisen oder soen, wéi déi Opdeelung do effektiv gemaach gëtt, an och kucken, dass an Zukunft déi Enveloppe fir déi sozial Kompensatiounsmesuren effektiv och der Hallschent vun deene Recetten, déi duerch d'CO₂-Steier generéiert ginn, weiderhi soll korrespondéieren, an dann natierlech och weiderhin déi CO₂-Kompensatioun ënner Form vu Crédit d'impôt och allkéiers revaloriséieren – allkéiers wann d'CO₂-Steier dann och ugehewe gëtt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

– rappelant la nécessité de répondre à l'urgence climatique ;

– soulignant que les mesures prises pour remédier au réchauffement climatique doivent faire l'objet d'une adhésion large au sein de la population pour être efficaces ;

– considérant que la taxe CO₂ introduite en 2021 représente un outil indispensable pour mettre en œuvre le principe « pollueur-payeur » et pour favoriser la transition énergétique ;

– rappelant que le Plan national intégré en matière d'énergie et de climat du Luxembourg pour la période 2021-2030 (PNEC), actualisé en 2023, retient que « les recettes générées par la taxe CO₂ sont utilisées de façon équitable pour financer des mesures climatiques et de transition énergétique et des mesures de compensation sociales en faveur des ménages à faible revenu »,

invite le Gouvernement

– à chiffrer de manière transparente les moyens budgétaires alloués pour les mesures de compensation sociales en faveur des ménages à faible revenu ;

– à veiller à ce que l'enveloppe budgétaire relative aux mesures de compensation sociales équivaut à la moitié des recettes générées par la taxe CO₂ ;

– à revaloriser systématiquement le crédit d'impôt CO₂ chaque fois que la taxe CO₂ augmente.

(s.) Franz Fayot, Georges Engel.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Voilà, villmools merci. An da soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci.

Ech maachen Iech just drop opmierksam, dass normalerweise d'Motiounen net an der Riedezäit explizéiert ginn, wann Der schonn iwwert d'Riedezäit ewech sidd, mee Der duerno nach Zäit hutt, fir se ze explizéieren. Ech denken, dass mer d'Prozeduren och solle strikt anhalen, da komme mer besser an eisen Diskussiounen virun.

Ech soen Iech Merci, Här Fayot. An deen nächste Riedner ass den honorabelen Här Fred Keup, deen agedroen ass. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegegen, mir stelle fest: Eng Regierung oder, besser gesot, eng Partei, déi ugetrueden ass, mam Motto „manner Steieren, méi Kafkraaft“, mécht also elo als quasi éischt Amtshandlung eng Steiererhéijung.

Eng Steiererhéijung, well dat ass d'CO₂-Steier. Dat ass dat, wat hei gestëmmt gëtt. A mat der ADR géif et dat net ginn. A sou wéi et ausgesäit, schénge mir déi Eenzeg haut hei ze sinn, déi géint déi Steiererhéijung stëmmen.

An dat ass de richtege Wee, well et geet ëm d'Kafkraaft. Mir hunn héich Energiepräisser, mir hunn héich Zënsen, mir hunn eng ëmmer méi grouss Aarmut. An et geet ville Leit schlecht. An dat Lescht, wat ee ka maachen, wann et ville Leit schlecht geet, dat ass eng Steiererhéijung. An dat gëtt hei gemaach.

(Interruption)

Parallèl dozou muss ee soen, dass et e gewëssenen double Emploi ass. Mir hu schonn eng CO₂-Steier, an zwar d'Autossteier. Och déi ass virun e puer Joer esou geännert ginn, dass se op den CO₂ gerechent gëtt. Also gëtt een zweemol op den CO₂ gerechent. Och do stelle mer eis déi Froen.

Et ass eng Mesür, déi ongerecht ass. Et ass ongerecht, well si hëlt net a Consideratioun, wou d'Leit zum Beispill wunnen. An et ass ganz evident, dass wann ee méi wäit ewech wunnt, aus deene groussen Zentren, wann ee méi grouss Weeër muss zrëckleeën, wann een am ländleche Raum wunnt, wann een ugewise ass op den Auto aus verschiddene Grënn, well een zum Beispill Kanner huet, déi ee muss féieren oder well een eng Behënnerung huet, wou een den Auto brauch, da kënnt een hei bei dësem Gesetz schlecht ewech. Et ass ongerecht an dat misst een a Consideratioun huelen. Ech kommen dorobber zrëck.

Et ass iwwert den Tanktourismus geschwat ginn. Ech kann et net oft genuch soen: Den Tanktourismus bréngt eisem Land, eisem Staatsbudget alljoers eng Milliard Euro. Wann een dorobber wëll verzichten, da muss e mir awer och erklären, wou dann déi Sue sollen hierkommen. Mir brauchen déi eng Milliard an eisem Budget, fir sozial Moossnamen, fir Infrastrukturen an esou weider ze finanzéieren. An den Tanktourismus ass am Fong eppes, wou mer ouni grouss Aarbecht – dat muss een esou soen – dach awer vill Suen erakréien, déi mer brauchen. Et ass eng fantastesch Saach an deem Sënn. A mir hätten duerfir gär, dass de Bensinn an den Diesel hei am Land ëmmer dältelech méi bëlle ass wéi am Ausland.

Doriwwer eraus ass et jo och ganz egal, ob de Camion, deen duerch Lëtzebuerg fiert, elo zu Lëtzebuerg tankt oder zu Diddenuewen – egal am Sënn vun CO₂-Emissiounen, well dat ass dat selwecht, wat duerno erauskënnt. Mee et ass awer net egal fir eise Staatsbudget. An duerfir wëlle mer onbedéngt den Tanktourismus bäibehalen.

E Wuert zum Index – a mir soe ganz kloer, dass mer och der Meenung sinn, dass et e Feeler war, fir déi CO₂-Steier aus dem Index erauszehuelen, well mer der Meenung waren a weiderhi sinn, dass de Leit hir Kafkraaft muss erhale bleiwen. A wann Der eigentlech dat doten a Fro stellt, da stellt Der dee ganzen Indexsystem a Fro; den Indexmechanismus am Sënn vun der sozialer Kohäsioun, deen d'Kafkraaft vun alle Bierger – vun deenen, déi manner verdéngen, an och vun deenen, déi méi verdéngen – soll ausgläichen. Deen Index gëtt am Fong hei manipuléiert. Komescherweis reegt et awer net ze vill Leit op.

Da kommen ech zu der Kilometerpauschal – an dat ass dee richtege Punkt. Mir wëssen, dass et fir de Moment mat dëser Zesummesetzung hei am Parlament schwéier wäert sinn, déi CO₂-Steier ofzeschaffen. Mir hunn dat virdrun héieren. Duerfir proposéiere mer hei eng Alternativ.

An ech hunn och eng Motioun do matbruecht derzou. Här President, wannechglift.

Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

– d'Sprittpräisser zu Lëtzebuerg säit geschwënn dräi Joer op engem héijen Niveau leien;

– déi reegelméisseg Erhéijung vun de Steiere während de leschte Joren zu där Entwécklung bäigedroen huet;

– vill Leit aktuell ënner finanziellem Drock stinn,

ass sech bewosst, datt

– vill Leit net kënnen als Alternativ op de gratis ëffentlechen Transport zeréckgräifen, a besonnesch Leit, déi Fréi- oder Spéitschichte schaffen, vun där Méiglechkeet ausgeschloss sinn, ëmsou méi a ländlechen Deeler vum Land, déi dacks wäit ewech vun der Aarbechtsplaz leien;

– d'Kilometerpauschal, déi ee vun de Steiere kann ofsetzen, zënter dem Gesetz vum 6. Dezember 1990 net méi ugepasst gouf,

fuerdert d'Regierung op,

– gläichzäiteg zu der Erhéijung vun der CO₂-Steier eng Adaptatioun vun der Kilometerpauschal, déi ee vun de Steiere kann ofsetzen, ze ënnerhuelen, an dëst no geografeschen a sozioprofessionelle Krittären.

(s.) Fred Keup.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Mir sinn der Meenung, dass ee parallèl zu enger weiderer Erhéijung vun der CO₂-Steier, déi elo geplangt ass fir 2024, eng Ëmgestaltung virhuele soll vun der sougenannter Kilometerpauschal, an dat no soziale Krittären, no professionelle Krittären an dann och no geografesche Krittären. Mir sinn der Meenung, dass et keng Schan ass, wann een enger Persoun, engem Stot, déi méi wäit ewech wunnt, déi net d'Méiglechkeet huet, fir sech op de gratis Transport ze raccordéieren, méi Kilometerpauschal gëtt, dass een hinnen d'Chance gëtt, méi ofzesetze bei de Steieren.

An ech zitieren am Fong do den aktuelle Finanzminister a fréieren Deputéierten Här Roth, firwat dass mer dat wëlle maachen. Ma déi Kilometerpauschal, déi ass 1990 bei der Steierreform agefouert ginn. Dat waren 99 Euro. Dat waren 3.900 Frang, déi ëmgewandelt goufen. Dat heescht, déi Kilometerpauschal ass zënter 1990, also während geschloenen 30 Joer, guer net méi ugepasst ginn, soudass deen Avantage, deen een iwwert d'Kilometerpauschal kritt, sech natierlech praktesch halbéiert huet.

Den Här Roth hat dat deemools och ëmgerechent par rapport zum Index, wéi en 1990 war. Déi 99 Euro, dat wieren haut 182 Euro. An duerfir wëlle mer proposéieren, dass déi Leit, déi méi wäit ewech wunnen an doduerch méi Belaaschtungen hunn, doduerch solle kompenséiert ginn.

Ech kommen nach zur Konklusioun, an ech widerhuelen dat, wat mer schonn ëmmer gesot hunn: D'CO₂-Steier belaauscht d'Familje besonnesch staark. An et geet op d'Käschte vu méi Schwaachen, vu méi Aarmen, och wa Kompensatiounsmoossnamen do sinn, well och net jiddweree kritt se, a si sinn ongerecht verdeelt. Fir deen, deen zu Wäiswampech wunnt ..., jo, dee kuckt dann eeben domm dran.

An däers si mer eis och bewosst, dass dee wirklechen Impakt vun där Zäregasteier, deen hei ass, dee wirklechen Impakt op wirklechen den Zäregas – d'Emissiounen weltwäit, an Europa – wirklech keng Roll spillt. An duerfir soll ee sech och bei esou engem Gesetz elo net hei an d'Vitruin stellen a soen, wéi wann een d'Welt géif retten. Mat dësem Gesetz geschitt dat net!

A mir fuerderen duerfir hei d'Regierung op, an alleguer d'Parteien, fir d'Zäregasteier op Masutt fir ze hëtzten an op Brennstoffer fir d'Gefierer op den Datum vum 1. Januar 2024 am beschten auslafen ze looszen. An natierlech stëmme mer hei géint dat Gesetz. Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Sam Tanson ageschriwwen. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här Président. Dir Dammen an Dir Hären, mir kréie jo duerno nach d'Geleeënheet, fir iwwert den Ausstieg aus de fossilen Energien ze diskutéieren am Kader vun der Heure d'actualité iwwert d'COP, mee dat ass awer ganz enk liiert mat där Diskussioun hei.

2023 – et ass schonn ugeklungen – ass dat wärmst Joer zënter 125.000 Joer! Plus 0,4 Grad am Verglach zum viregte Rekord 2016. An de Grond fir d'Ärderwärmung, dat sinn ons Emissiounen, an alle virop den CO₂. An ee vun de Lenkungseffekter – et ass sécherlech net deen eenzegen, mee et ass e wichtegen, fir hei ze agéieren – ass d'CO₂-Steier. Et geet drëms, iwwer eng Steier d'Consommation vu méi schiedleche Quellen ze reduzéieren an e weideren Incentive unzëbidden, fir op erneierbar Energien zrëckzegräifen – kuerz: dem CO₂ e Präis ze ginn. An et wierkt!

Dass Lëtzebuerg déi lescht Jore seng Klimaziler erreecht huet, kënnt net vun ongeféier. Den CO₂-Präis ass eent vun deenen Instrumenter, dat dozou bäigedroen huet. An dat bestätegt och de Statec, dee ganz kloer seet, dass duerch den CO₂-Präis eis Emissiounen konnte reduzéiert ginn. Duerfir begrësse mer och, dass d'Regierung, déi am Klimaplang vun der viregter Regierung festgeluechten Erhéijung ëm 5 Euro d'Joer bis 2026 weiderféiere wëll.

Duerch den CO₂-Präis ginn déi verstoppte Käsche vun den Emissiounen, déi bei der Verbrennung vu fossilen Brennstoffer entstinn, mat an de Präis integréiert. Fossill Brennstoffe verléieren domat hiren onfaire Kompetitivitéitsvirdeel par rapport zu méi nohaltegen Alternativen. Oder anescht ausgedréckt: Et gëtt finanziell méi attraktiv fir d'Stëit an d'Betribler, amplat fir a klimaschiedlech fossill Technologien a bestoend nohaltege Alternativen ze investéieren. Oder nach méi einfach ausgedréckt: Ouni CO₂-Präis ass et, wéi wann een a sengem Stammcafé just all siwente Patt géif bezuelen, all déi aner opschreiwé géif looszen. Dat kann een natierlech maachen, mee um Enn vum Joer gëtt d'Rechnung da richteg deier.

D'Besteuerung vun Emissiounen ass mëttlerweil näischt Aussergewöhnlech méi. Den CO₂-Präis gëtt scho säit den 1960er-Joren diskutéiert. An 1990 huet Finnland als éischt Land eng eegen CO₂-Steier agefouert, mam Resultat, dass se haut op engem wierkelech substantziellen Niveau sinn. An dat ass jo och dat, wat wichteg ass: dass ee lues a progressiv kann op en héijen Niveau hikenommen. An der EU hu mëttlerweil 20 Länner eng eegen CO₂-Steier. An och d'EU verfüügt elo iwwert de sougenannten „ETS“, den Emissiounszertifikatenhandel, fir verschidde Secteuren.

Wat d'Evolution vum CO₂-Präis ugeet, leet de Klimaplang elo mol de Wee bis 2026 vir. An et wier wëschenswäert, dass d'Regierung och matzäite kommunizéiere géif, wéi se no 2026 wëll weiderfueren. Dat schaaft Planungssécherheet – fir d'Entreprise an d'Stëit gläichermoossen. Wat op alle Fall kloer schénegt, ass, dass se weider muss an d'Luucht goen, fir den néidege Bäitrag zum Erreeche vun de Klimaziler och ze leeschten.

Eng Analys vum Statec, där no mer d'Klimaziler bis 2050 mat de Mesüeren aus dem Klima- an Energieplang – d'Klimaneutralitéit – ganz knapp errechen, huet als Hypothees, dass d'CO₂-Steier och no 2026 all Joer ëm 5 Euro pro Tonn klëmmt. Aner Instanze fuerdere souguer nach vill méi héich Tauxen, fir d'Ziler ze errechen.

Beim CO₂-Präis geet et net drëm, d'Leit ze bestrofen. Et geet ëm en Ureiz a Richtung vun enger méi nohalteger Gesellschaft, sief dat an der Mobilitéit, wou net just den Elektroauto, mee och den öffentlichen Transport doduerch méi attraktiv gëtt, oder beim Choix vun enger neier Heizung, wou och hei déi nohaltig Alternativen doduerch un Attraktivitéit gewannen.

Ma mam CO₂-Präis eleng, wäerte mer d'Klimaziler net errechen. Et muss en Deel vun engem Gesamtpackage sinn. Den CO₂-Präis ass virun allem do effikass, wou d'Alternative schonn do sinn a sech just de Choix stellt tëscht der fossiller an der nohalteger Alternativ. Ech ginn Iech e Beispill: Wann ech op enger Plaz wunnen, déi gutt uegbonnen ass mam öffentlichen Transport, dann ass e méi héijen CO₂-Präis e gudden Incentive, de fossillen Auto stoen ze loossen an eeben op eng aner Alternativ ëmzeklappen.

Ouni eng staark Sozial- an Investitiounspolitik, déi nohaltig Alternative schafft a gläichzäitig sozial verträglech ass, wäerte mer déi ökologesch Transitioun net packen. Dofir ass et essenziell, niewent engem méi héijen CO₂-Präis engersäits, d'Alternativen zu de fossillen Energie massiv auszubauen. Do dernieft ass et awer och extreem wichteg, dass mer an deemem Projet de loi, wéi och schonn an deene viregten Decisiounen, de Crédit d'impôt climat elo hunn, dee grad deene klengen a mëttle Revenuen zegutt kënnt. Dëse Mechanismus muss och déi Joren duerno mat all Erhéijung vum CO₂-Präis automatesch virugefouert ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Mammad Tanson villmools Merci. An als nächste Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement ageschriwwen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat deemem Projet soll also d'CO₂-Steier no uewen ugepasst ginn a gläichzäitig awer och de Steierkredit, fir dat auszegläichen. Dat huet awer dräi Joer gedauert, well virun dräi Joer hu mer dee Steierkredit fir d'lescht ugepasst.

Also, als Éischt emol zum Steierkredit: Mir Piraten fanne et als Éischt emol gutt, dass de Steierkredit dann, deen d'CO₂-Steier soll ausgläichen, ugepasst gëtt. Dat wëll ech ganz virewech soen, dass ass nämlech wichteg. Wa mer dovunner schwätzen, dass mer d'Kafkraaftverloschter wëllen ausgläichen, da kënne mer net op där enger Säit eppes eropsetzen an den Ausgläich net eropsetzen.

Säit senger Aféierung sinn nämlech schonn eng Rei Indextranchë gefall, an domat gëtt et ëmmer manner Leit, déi de Steierkredit och kruten, respektiv si krute manner oder si kréien haut manner wéi nach 2020. An deementsprechend misst een u sech nach eng aner Upassung maachen, net nëmmen de Steierkredit upassen, mee et misst een och d'Barème upasse vun deem Steierkredit. Mir haten eng Diskussioun dozou an der Kommissioun.

Et ass nämlech esou, dass – an dat huet d'Salariatskummer am Avis zu engem anere Gesetz geschriwwen – zënter 2017 ronn 10 % vun de Leit aus dem Steierkredit fir Salariéen erausgefall sinn; dat aleng doduerjer, dass se duerch Indextranchë méi kruten – wat jo de Kafkraaftverloscht ass – a gläichzäitig awer d'Barème vun de Steierkredit sech net geännert hunn. A genau den

nämmlechte Problem, nieft dem Montant vum Steierkredit, hu mer och hei. Dat heescht, dass ëmmer manner Leit de maximale Montant kréien, obwuel se ausser dem Index keng Lounerhéijung kruten. An dat ass an eisen Aen net gerecht an dofir, Här President, hunn ech dann eng Motioun matbruecht, déi freet, dass dës Barème vun de Steierkredit an Zukunft indexéiert solle ginn. Wannechgelift.

Motion 3

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,

– *datt et eng Rei Steierkredit ginn, vun deenen d'Leit dobaussen am Moment profitéiere kënnen, dorënner den CI-CO₂;*

– *datt säit dem 1.01.2020 6 Index-Tranchen erfall sinn, déi fir eng nominativ Erhéijung vun de Paien a Pensioune gesuergt hunn, déi awer néideg waren, fir d'Präisdeierecht ze kompenséieren an dofir net zu engem Plus u Kafkraaft gefouert hunn. D'Leit, déi d'Steierkredit deemools gebraucht hunn, brauche se also haut och nach;*

– *datt d'Chambre des Salariés an hirem Avis zum Projet de loi 8290 erkläert huet, dass zum Beispill beim Crédit d'impôt salarie säit 2017 10 % vun de Leit duerch eng Net-Indexéierung vum Steierkredit dës reduzéiert krute respektiv verluer hunn;*

– *datt d'Regierung mat der Berengung vun der Steiertabell ëm 4 Index-Tranchen zum 1.01.2024 unerkant huet, dass et zu enger kaler Progressioun kënnt, wann ee Steieroutillen net indexéiert.*

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

1. de Barème vun der Eligibilitéit vun de Steierkredit ze indexéieren.

(s.) *Sven Clement.*

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Zréck dann zur Steier per se: Mir Piraten si bekanntlech fir en anere Modell. Mir setzen op e Belounungsprinzip duerch de Klimabonus an net op e Bestofungsprinzip reng duerch d'Steier, och wa se dann ex post erëm iwwer e Steierkredit kompenséiert gëtt – wa se da kompenséiert gëtt, well eebe genau do Leit onbewusst erausgefall sinn.

Mir Piraten wëllen e Klimabonus, fir all d'Leit mat an de Kampf géint de Klimawandel anzubannen. Mir mussen d'Bierger/innen virun allem mat positiven Ureizer zu enger méi ökologescher Liewensweis motivéieren. Leit, déi am Respekt mat der Natur a mam Klima liewen, sollen dofir belount ginn. Den aktuelle Prinzip vun der CO₂-Steier bestrooft awer nëmmen d'Leit, ouni se zur Reduktioun vun hirem CO₂-Ausstouss ze motivéieren.

All Persoun kritt mat eise Klimabonus all Mount eng Direkthëllef op hire Salaire, hir Rent oder anert Akommes ausbezuelt, an dës gëtt, änlech wéi d'Kannergeld, ouni vill Bürokratie u jiddereen ausbezuelt. Esou kéint ee jidderengem an enger Ufanksphas zum Beispill 50 Euro de Mount ginn an no e puer Joer kéint een dat erhéien a gläichzäitig dann och d'CO₂-Steier als Lenkungsoutil erhéien.

Op der anerer Säit wëlle mer virun allem d'CO₂-Steier op verschidde Produiten, grad deene mat engem héijen CO₂-Footprint, upassen. Produite mat laangen Transportweeër, déi net aus enger lokaler Economie kommen, zum Beispill. Déi wäeren dann e bësse méi deier wéi lokal Produiten, déi eebe grad lokal, an der Géigend produzéiert ginn, an hoffentlech och nach nohaltig. Och domadder géife mer zum Beispill eis Agrikultur kënnen ënnerstëtzen. An doduerch, dass d'Leit awer de Mount vun Ufank un déi 50 Euro méi an der Täsche hätten, géife se dovunner näischt spieren,

wa se net iwwerméisseg konsumméieren, an déi, déi eebe verbëtzen, de Pollueur-payeur souzeseen, géife bezuelen. D'Leit hätten de Choix iwwert de Präis vun de Produiten.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir Piraten sinn also bei der Zilsetzung mat der leschter an och mat dëser Regierung op enger Linn, mee bei der Ëmsetzung ginn dann awer d'Visiounen ausereneen. Mir wëllen d'Leit belounen, déi am Kampf géint de Klimawandel mathëllefen, a se net bestrofen an dofir wäerte mer eis och bei deem heite Projet enthalten. Et ass nämlech esou, dass mer der Meenung sinn, dass et zwar déi richtig Zilsetzung ass, awer de Wee dohinner definitiv en anere kéint sinn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Ganz gutt.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Clement Merci. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir hate mat der viregter Regierung eng Klimapolitik, déi hatt sollen d'Leit matrappen oder begeeschten. Mat dëser Regierung krute mer gesot, mir géifen eng Klimapolitik kréien, déi d'Leit net soll nerven. Komescherweis hu mir elo nach ëmmer Schwierigkeiten, fir den Ënnerschied ze mieren, a mir fäerte ganz, dass déi heite Regierung sou weiderfuere wäert, wéi eebe liberal Regierungen dat haut esou maachen: Si hofen emol drop, dass de fräie Marché de Problem léist, e bësse sou, wéi d'Regierung och drop hofft, dass de fräie Marché d'Wunnungskris géif léisen.

D'Resultat ass dann och dat selwecht wéi am Logement, nämlech dass de Won ëmmer méi déif an den Dreck geréit. Well wie sech d'Zuele méi genee ukuckt, merkt schnell, dass mir bei der Energietransitioun net vum Fleck kommen, op alle Fall bei Wäitem net sou schnell, wéi et néideg wier – trotz deem flotte grénge Kapitalismus, dee mer hei esou virbildhaft ëmsetzen. An dass d'CO₂-Steier ënner hirem aktueller Form derzou bäidréit, dass eis Emissiounen erof géife goen, ass op alle Fall nëierens wierklech ze erkennen, an dat misst jo d'Zilsetzung sinn.

Wouzou d'CO₂-Steier awer bäidréit, dass ass, de soziale Gruef hei am Land nach ze vergrësseren: op där enger Säit den Aarbechter, deen och zolidd op säi Crédit d'impôt dropbezilt, well en all Dag 50 Kilomeeter mat sengem ale Ford muss op d'Schicht fueren an enger schlecht isolierter Mietwunneng mat Masuttheizung wunnt, an op der anerer Säit de gutt situéierte Bourgeois, deem d'CO₂-Steier häerzlech egal ass, dee säin Tesla vum Staat subventionéiert krut an deen dofir elo gudde Gewëssens och dräimol d'Joer op d'Malediven an d'Vakanz fléie kann – esou laang et déi nach gëtt!

Eng Klimapolitik, déi dem Eescht vun der Situatioun gerecht gëtt, gesäit ganz anescht aus. De Staat muss seng Responsabilitéit selwer huelen, amplaz se de Biergerinnen a Bierger an d'Schong ze schiben. Mir brauche massiv öffentliche Investitiounen mat Suen, déi een duerch eng progressiv Steierpolitik bei deene siche geet, déi bei Wäitem déi meeschten Emissiounen hunn, nämlech bei den ieweschten 10 %.

Firwat sinn net scho längstens op allen öffentlichen Diecher Fotovoltaikanlagen installéiert? Firwat stinn op der anerer Säit vun der Musel méi Wandrieder wéi op eiser Säit? Firwat ass nach ëmmer e groussen Deel vun den Albawunnunge schlecht isoléiert? Firwat investéiert de Fonds de compensation nach ëmmer Honnerte Milliounen a Pétrolskonzerner? Amplaz sech deene Froen ze stellen an haart Brieder ze bueren, wíelt d'Regierung d'Facilitéit: einfach eng Tax an e puer Subventionen aféieren an dann ass et gedoen.

An elo nach e bësse méi konkret zu dësem Projet de loi a wat et do ze kritizéiere gëtt. Éischtens: D'CO₂-Steier späert, wéi gesot, d'Leit mat wéineg Revenu an enger Energiefall an, well se sech d'Investitiounen net leeschte kënnen, fir sech der Steier ze entzéien.

Zweetens: D'CO₂-Steier ass ze bezuelen um reale Verbrauch, während de Crédit d'impôt jo just op eng Moyenne gerechent gëtt. Dat féiert justement derzou, datt déi Leit an der Energiefall besonnesch ofgestrooft ginn.

Drëttens: D'CO₂-Steier ass am Indexkuerf neutraliséiert an dat bedeit onweigerlech e reale Kafkraaftverloscht fir d'Leit.

Véiertens: De Montant vun der CO₂-Steier gëtt net automatesch ugepasst an en ass jo och tatsächlech zwee Joer laang net ugepasst ginn. Dat verstärkt den Effekt vun enger Strofsteier.

Fënneftens: D'Seuile vum Crédit d'impôt ginn net ugepasst, soudatt mat der Zäit ëmmer manner Leit ëmmer manner vum Crédit d'impôt hunn.

Sechstens: Mat der CO₂-Steier hutt Dir et fäerdegbruecht, ganz Deeler vun der Gesellschaft innerhalb kierzester Zäit géint de Klimaschutz opzebréngen – net nëmmen Dir, Dir sidd nei, mee Dir fuert weider!

Dobäi kënnt, datt vun de Suen, déi duerch d'Steier erakommen, just e klengen Deel tatsächlech an d'Energietransitioun investéiert gëtt. Laut dem Pluriannuel 2023 sollen d'nächst Joer 268 Milliounen un CO₂-Steier erakommen. Dovunner fléissen awer just 60 Milliounen an de Klimafong, an dovunner just knapps 35 Milliounen an national Moossname fir d'Energietransitioun.

Här President, déi liberal a marktkonform Klimapolitik mat CO₂-Tax, Green Finance a Subventiounen ass eng Sakgaass. Klimaschutz, deen um sozialen A blann ass, wäert net funktionéieren. Eréischt wann d'Leit gesinn, datt de Klimaschutz hiert Liewe méi abordable, méi confortabel a méi sécher mécht, wäerte mer kënne real Fortschritte maachen. D'CO₂-Steier lenkt just of vun deene wicthegen Entscheedungen, déi eigentlech misste geholl ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann ass et elo un der Regierung. Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Ech soen och Merci fir déi ganz engagéiert an animéiert Debatt, déi mer haten, wou jiddwereen eenzel Fuerderunge gestallt huet, déi och zum groussen Deel argumentativ ennermauert waren. Ech soe Merci, dass eng grouss Majoritéit an dëser Chamber ass, fir dëse Gesetzesprojekt ze stëmmen.

An ech soen och ganz kloer: Och déi nei Regierung steet zu deenen Engagementer, wat de PNEC ubelaangt, zu den Engagementer, wat d'Fortféierung an d'Eropsetze vun der CO₂-Steier ubelaangt, a parallel och zu der Upassung vun den entspreche Steierkreditte, déi, wéi gesot, sozial cibléiert sinn an och sozial cibléiert bleiwen.

Ech wëll duerfir soen, dass déi CO₂-Steier, déi an d'Luucht gesat gëtt – an dat gëtt net geännert –, op deene Berechnunge berout, déi seinerzeit vum Statec gemaach goufen, wat den Impakt ass op den eenzelne Menage, op déi eenzel Persoun an no den ënnerschiddleche Quintilë vun enger Erhéijung vun der CO₂-Steier ëm fënnf Euro d'Tonn. Dat heescht fir deen Einzelnen – ech mengen, dat soll een och eng kéier soen, d'Madamm Cahen war kuerz dorobber agaangen – op der Pompel ee bis zwee Cent méi op dem Liter, wann een dat erfrobrécht.

Da wëll ech och soen, dass dës Regierung net a Fro gestallt huet, fir dëse Steierkreditte CO₂ separat ze consideréieren an net an de Steierkreditte, déi fir d'Salariéen, déi fir d'Pensionnairen a virun allem och fir d'Indépendantë sollten dra sinn. Mir hunn also Steierkreditte, déi fir déi dräi Kategorien, déi ech genannt hunn, weiderhi bleiwen. An dat hei ass e separaten CO₂-Steierkreditte, deen, wéi gesot gëtt, an dem nächste Joer vun 144 op 168 Euro an d'Luucht geet.

Ech wëll awer och preziséieren, dass dee Steierkreditte vun 168 Euro natierlech net fir jiddwereen zielt, mee en ass sozial cibléiert. Wat heescht dat? Mee dass e voll spilt bis 40.000 Euro versteierbaart Joresakomes an da geet en degressiv erof bis zu engem Akomes vun 80.000 Euro.

Ech wëll awer och ganz kloer am Sënn vun der Transparenz, an do ännert dës Regierung näischt, dass parallel deen urspréngleche Steierkreditte, deen nach gezielt huet, vu 696 Euro maximal – zum Beispill fir d'Salariéen – op 600 zrëckgefuer gëtt. Also och do ännert sech näischt.

Da gëtt gesot: Wéi ass et mat der Kafkraaft vun de Leit? Abee, déi nächst Woch, e Mëttwoch, wann ech mech net ieren an den Ordre du jour zumindest provisoersch vun der nächster Woch virleien hunn, wäert de Steierbarème ëm véier Indexranchen ugepasst ginn. An eng Upassung vum Steierbarème, jo dat ass eng Stärkung vun der Kafkraaft fir all Steierpflichtegen. An domat gëtt och fir den 1. Januar, esou wéi dat an der Regierungserklärung virgesinn ass, d'Kafkraaft an deem Sënn weesentlech gesteigert.

Da komme mer zu dem Punkt: Wéi ass et mat der Nobesserung? Ech mengen, den Här Clement huet dat évoquéiert. Wéi geet et mat den Upassung vum deene Seuil-de-revenuen, nodeems een an de Genoss vun dëse Steierkreditte kënnt?

An der Virbereedung op dës Sitzung wëll ech e konkret Beispill ginn. Eng Persoun, déi zum Beispill bis elo oder virduer 39.500 Euro verdéngt huet, kritt op d'Upassung vun eenzelnen Indexranchen dann e Revenu, losse mer soen, deen iwwer 40.000 Euro läit. Wat mécht dat um Niveau vum Steierkreditte aus? Well dat ass d'Äntwert op dem Här Clement seng Fro. Déi hätt, well se ënner 40.000 Euro versteierbarem Joresakomes louch, 168 Euro de Mount kritt, an dat gëtt erfrogefuer op 164,5 Euro. Dat ass also de konkreten Impakt vun deem, wat den Här Clement gesot huet.

Ech soen Iech och: Ech sinn elo dräi Wochen am Amt, ech si Finanzminister, mir huelen dat do mat u Bord. Mee ech schéissen net aus der Héft fir ze soen: Mir maachen dat do elo an ënner wat fir enger Form. Ech mengen, do musse Berechnunge kommen, wat de budgetären Impakt ass. Et musse Berechnunge kommen, wéi een dat sozial och richteg ausluecht. An ech hunn awer absolut kee Problem, fir mat deene Berechnungen eng kéier an d'Finanzkommissioun ze kommen, fir de konkreten Impakt dovunner ze ënnersträichen.

Dat selwecht ass zu der Kilometerpauschal ze soen, déi den Här Keup virduer ugeschwat huet. Abee, de Regierungsprogramm gesäit vir – an un e Regierungsprogramm huet jiddwereen, och de Finanzminister, sech ze halen –, dass à ce stade net dru geduecht gëtt, d'Kilometerpauschal ze änneren. Dozou stinn ech och a menger neier Funktioun. Dat ass heiansdo esou, mee alles ass e Kompromëss. An och e Regierungsprogramm ass e Kompromëss an dat behale mer an deem Sënn esou zrëck.

Dann ass déi Fro vun dem Här Fayot komm: „Wéi gëtt dat opgedeelt, dat heescht déi Recetten, déi iwwert d'CO₂-Steier erakommen?“ Ech kann Iech just doriwwer berichten, wat ënner Virgängerregierungen do

geschitt ass. An ech mengen, dass dës Regierung sech och drun hält, dass, esou wéi et am PNEC festgehalen ass, „les recettes générées par [la taxe CO₂ sont] utilisées de façon équitable : pour financer des mesures [...] climatiques“ et de „transition énergétique“ et „des mesures de compensation sociale“. Dat ass dat, wat ech Iech à ce stade dozou ka soen. Alles anescht muss am Detail gekuckt ginn no deene Berechnungen, déi da vun der Verwaltung respektiv an de Ministère dozou gemaach ginn.

Op jidde Fall wëll ech Iech nach eng kéier soen, dass ech frou sinn, dass dëse Gesetzesprojekt, och wann e keng Unanimitéit kritt, eng breet Zoustëmmung an der Chamber kritt. An dat beweist eis dach, dass déi Engagementer, déi geholl goufen, elo schonns op Propositionen ..., an ech gesinn, en ass elo agelaf, en ass zweemol schonns zrëckkomm vun der COP, ... Dir wësst och, dass virun allem de Privathaushalter, ...

(Brouhaha)

... jo, dat sinn international Engagementer vun de Privathaushalter. Op Proposition vum Serge Wilmes gouf gëschter am Regierungsrot zrëckbehalen, dass déi Aiden, dat heescht déi sougenannt Top-up-Aiden – sief dat bei energieetescher Sanéierung, sief dat um Niveau vun der Fotovoltaik, sief dat bei anere Punkten –, elo emol ëm sechs Méint verlängert ginn, soudass och dës Regierung „allen Unkenrufen zum Trotz“ un deenen Engagementer festhält, wéi se ënner der viregter Regierung gemaach goufen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci dem Finanzminister. Dann ass d'Diskussioun elo ofgeschlossen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8290. Den Text steet am Document parlementaire 8290⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8290 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmen fänkt un. Vote par procuration. An de Vott ass heimat ofgeschlossen.

D'Resultat vum Vott ass: 50 Jo-Stëmmen, 7 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiounen. De Projet de loi ass also mat 50 Jo-Stëmmen géint 7 Nee-Stëmmen an 3 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 8311, en Avenant tëschent Lëtzebuerg an Däitschland.

(Interruptions)

A pardon! Dir hutt ganz Recht, mech dorunner ze erënneren.

Motions

Da komme mer zu den dräi Motiounen, déi nach hei um Dësch leien, eng vun der LSAP, eng vun der ADR an eng vun de Piraten.

Motion 1

Mir fänke mat der éischter Motioun vum Här Franz Fayot vun der LSAP un. Här Fayot, Dir hutt se scho méi oder wéineger explizéiert. Wëllt Der nach eng Kéier Stellung dozou huelen?

M. Franz Fayot (LSAP) | Nee, Här President. Ech hu se effektivt explizéiert. Ech hat zwar och gemengt, wéi mer dat soss gemaach hunn, am Uschloss u meng Ried kënnen ze presentéieren an deenen zwou Minuten, wou ech dann awer trotzdem „dans les temps“ war mat menger Riedezäit. Mee ech constatéieren, dass dat dann elo anescht geet an dass mer eis mussen da sëtze goen an da vläicht erëmkommen, fir d'Motioun ze presentéieren. Dont acte. Da maachen ech dat an Zukunft esou.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Ech probéieren d'Reglement strikt ze applizéieren. Da komme mer och a keng Diskussiounen an deenen nächste Méint a Joren. Dat ass d'Zilsetzung vun deem, wat ech probéieren, hei ze maachen.

Wëllt een zu där Motioun Stellung huelen? Ech gesinn den David Wagner. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir wäerten déi Motioun matstëmme vun den Häre Fayot an Engel, allerdéngs well mer mat den Invitten och averstane sinn. Mir fannen déi richtig. Mir hunn e puer Schwierigkeete mat de Consideranten, soss wiere mer och an enger gewëssener Kontradiktioun par rapport zu deem, wat ech elo virdrun zur CO₂-Steier gesot hunn, well mer net mengen, dass dat wierklech en Outil indispensable ass. Mee bon, dat ass e Considerant, mee d'Invitte ginn awer an eisen Aen an déi richtig Richtung. An dofir wäerte mer dann och net chipotéieren a matstëmme.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Den Här Baum huet sech zu Wuert gemellt.

M. Gilles Baum (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Ech hunn, an den Här Minister huet et virdru gesot ... Den éischten Invite, wou d'Kolleege vun der LSAP eng transparent Evaluatioun froen, ech mengen, mir hunn déi kritt iwwert de Statec, deen et an de Quintilen duergeluecht huet. Dat heescht, deen Invite do bräicht een net ze stëmme.

An dann ass et esou, dass mer hei awer déi CO₂-Steier degressiv huelen. Dat heescht, si spillt ganz vu 40.000 Euro un a si geet progressiv erof op 80.000 Euro. Do géife mer elo näischt drun änneren. An ech wëll drun erënneren, an den Här Minister huet et gesot: Mir wäerten d'nächst Woch e Gesetz stëmme, wou mer awer véier Indexbranchen upassen. Ech mengen, dass dat awer substanzuell ass, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken. Ech géif et an dësem Moment dobäi beloosen, och well mer wierklech an enger Phas sinn, wou

och den Här Minister sech muss eraschaffen. Och wann en eng grouss Kenntnis huet vun de Finanzen – dat huet hien déi lescht Jore bewisen, mengen ech –, gëtt et nach ëmmer Saachen, déi hie warscheinlech, esou wéi mir, och entdeckt. An dofir géif ech meng Kolleege proposéieren, déi heite Motioun net matzedroen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Ech hunn nach eng Wuertmeldung vum Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, Merci, Här President. Et ass e ganz neien Toun vum Här Baum. Hien huet elo fënnef Joer laang dem Här Roth gesot, en hätt keng Anung vu Finanzen. Elo seet en de Contraire.

(Hilarité)

M. Marc Goergen (Piraten) | Voilà. Motioun ofgeleent!

(Interruption par M. Gilles Baum)

M. Claude Wiseler, Président | Dir kënnt duerno, Här Baum.

M. Sven Clement (Piraten) | Et ass ... Spaass bei-säit. Dat ass jo de bonne guerre an der Politick, wann d'Koalitionspartner wiesselen.

Eis ass déi Motioun sympathesch, och wa mer, wéi ech virdru gesot hunn, u sech en anere Modell géife virzéien. Eis wär et just am zweeten Invite wichteg gewiescht, ze soen, dass mindestens d'Hallschent vun de Recetté géif fir sozial Kompensatiounen ausgi ginn an net genau d'Hallschent, well mer der Meenung sinn, dass ee vläicht och heiansdo eng Situatioun kritt, wou ee méi bräicht.

A wat fir eis ganz kloer ass, dass hunn ech virdrun an der Ried gesot, ass, dass mer dee Crédit d'impôt systematesch revaloriséieren. Mee et geet net nëmmen duer, de Crédit d'impôt ze revaloriséieren. Den Här Roth huet et selwer virdrun illustréiert, an do kommen ech nach eng Kéier bei eiser Motioun drop zeréck, dass een och bei de Barème vun de Crédit-d'impôt muss drop schaffen. Mee mir wäerten dat heite matstëmme.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Da maachen ech den Tour hei fäerdeg: d'Madamm Tanson an dann d'Madamm Adehm.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Mir ënnerstëtzen déi heite Motioun. D'autant plus well se viles vun deem erëmhëlt, wat schon am PNEC steet. Dofir sinn ech émsou méi erstaunt iwwert dem Här Baum seng Deklaratioun elo grad, well et strictelement näischt mam Här Roth seng Kompetenzen oder sengem Eraschaffen ze dinn huet, mee et einfach drëms geet, op der enger Säit ze soen, dass et soll transparent beluecht ginn, wat jo souwisou gemaach gëtt, op der anerer Säit ze soen, dass d'Hallschent dovunner soll ..., „l'enveloppe budgétaire relative aux mesures de compensation sociales équivalent à la moitié des recettes“. Dat ass jo och eppes, mengen ech, wou mer schon en Acquis déi lescht Joren driwwer haten, wat och am PNEC esou d'Zilsetzung erëmgëtt. An dann eeben och, dass de Crédit d'impôt ëmmer erëm soll revaloriséiert ginn, wann d'Taxe CO₂ an d'Luucht geet. Och dass eppes, wat aus dem PNEC decolléiert. Dofir, ech ënnerstëtzen dat, mir ënnerstëtzen dat, mee ech wollt awer hei nach eng Kéier d'Fro stellen, wéi ..., also, bon, ech stellen net d'Fro, mee eng Kéier ervirsträichen, dass dem Här Baum seng Positioun mech e bëssen interpelléiert huet. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Dann huet d'Madamm Adehm d'Wuert gefrot.

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Jo, merci, Här President. Ech mengen, ech sinn e bëssen am falsche Film hei haut de Mëtteg. Hei hu mer fréier Regierungsparteien, déi eng Transparenz froen. Si selwer hunn dee PNEC sengerzäit mat en place gesat. Déi Chifferen, déi misste jo awer transparent iergendwou ze fanne sinn. Oder gesinn ech dat elo iergendwéi falsch an där doter Saach?

An da wéilt ech nach just soen zum leschte Punkt, „revaloriser systématiquement le crédit d'impôt“. Et ass awer genee dat, wat mer mat deem heite Projet de loi vun haut de Mëtteg maachen.

Plusieurs voix | Nee.

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | De Crédit d'impôt gëtt eropgesat.

Une voix | Eeben net.

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Jo, dës Kéier.

M. Claude Wiseler, Président | Sou, sot Dir Äre Punkt, Madamm Adehm.

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Mee mir setze jo haut och d'CO₂-Steier fir ee Joer erop an dann duerno komme mer mat engem neie Projet de loi an dann ass mat Sécherheet am PNEC virgesinn, fir dat nach eng Kéier ze maachen, an da gëtt dat dee Moment nach eng Kéier gemaach. Dofir, also mir gesinn net an, firwat dass mir déi heite Motioun sollen ënnerstëtzen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm. Elo hunn ech nach eng Wuertmeldung vum Här Keup. An dann hu mer nach den Här Baum an den Här Clement, déi sech fir d'zweet gemellt hunn. Dir wësst, dass Der zweemol zu engem Sujet dierft schwätzen an net dräimol. Här Keup, elo hutt Dir d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Ech mengen, dës Motioun ass gutt geduecht, mee vu dass mer géint d'CO₂-Steier sinn, kënne mer kaum matstëmme a wäerten eis enthalten. Mee wa mer alleguer géint d'CO₂-Steier wieren, da kéinte mer eis souwisou dat ganz Gedeessens an déi ganz Gesprecher hei spueren. Dat wier och net schlecht.

Erlaabt mer, nach e Wuert ze soen. Et ass elo geschwat gi vun der nächster Woch, vun deene véier Tranchen, wou den Index dann ugepasst gëtt un d'Inflatioun.

Une voix | Annerhallef.

M. Fred Keup (ADR) | Jo, annerhallef. Also et ass richtig: zwee an eng halleft plus annerhallef. Ech mengen, et soll een d'Saachen net vermëschen. Et huet näischt mat dëser Saach ze dinn, ne?

Wann Der op der enger Säit Steieren aféiert, dann heescht et net, wann een op anerer Plaz de Leit eppes – endlech – zeréckgëtt, wat een hinne laang ewechgeholl huet, wat hinnen am Fong laang zougestane hätt, dass een dann domadder eppes guttmécht. Dat ass net de Fall an dat soll een dofir net vermëschen. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Den Här Baum huet kuerz d'Wuert nach.

M. Gilles Baum (DP) | Merci, Här President. Et huet zéng Joer gedauert, lo mellen ech mech fir déi éischt Kéier fir e Fait personnel, deen den Här Clement virdru gesot huet. Den Här Clement huet gesot, ech hätt an der leschter Legislaturperiode oft gesot, den Här Roth hätt keng Anung vu Finanzen. Dat ass absolut falsch, ech hunn dat zu kengem Moment gesot.

Wat mir zwee gemaach hunn: den Här Roth war Fraktiounschef, ech war Fraktiounschef, Majoritéit,

Opposition. Mir hunn eis bei de Budgetsdebatten ausgetosch, heiansdo och méi heftig ausgetosch.

(Hilarité)

Mir waren och oft a Punkten net enger Meenung, mee ech wëll ënnersträichen, dass ech zu kengem Moment gesot hunn, den Här Roth ..., an et si jo ganz vill Kolleegen heibannen, déi och schonn déi lescht fënnf Joer hei waren. Ech hunn zu kengem Moment dat gesot, wat mer elo vum Här Clement ënnerstallt ginn ass.

Plusieurs voix | Très bien!

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler, Président | Dat war kloer. Den Här Clement. Kuerz, Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Ech entschëllege mech formell beim Här Baum, ... datt en ni gesot hätt, den Här Roth hätt keng Anung, mee en huet just gesot, et wär absolut net seng Meenung. Do gi mer eis, mengen ech, eens.

Ech wëll awer do nach der Madamm Adehm soen, datt se elo grad hei eppes Falsches gesot huet an dat wëll ech awer richtegstellen. Mat deem heite Gesetz erhéije mer net d'CO₂-Steier fir d'nächst Joer a mir hunn eis och keng Clause de rendez-vous ginn, fir d'nächst Joer nach eng Kéier ermëzkommen. Mir erhéijen heimadder den Taux maximal, dee per Règlement grand-ducal da ka festgeluecht gi vun der Regierung. An dat heescht, d'Regierung muss fir déi nächst Erhéijungen net zeréckkommen, well wann een dat richteg duerchrecht, erhéije mer u sech mat deem heite Gesetz, wat jo scho gestëmmt ass, ... kann an Zukunft pro Liter Bensinn, also pro Tonn, déi duerch Litere Bensinn entsteet, u sech eng theoretesch CO₂-Steier vu 56 Euro pro Tonn applizéiert ginn, well sou héich hu mer den Taux maximal u sech gehuewen, wat mer elo mam Gesetz gemaach hunn. Dat ass eng einfach Règle de trois. Wann een eng Kéier sech d'Méi mécht, déi eenzel Montante mat den Dausend Liten ze rechnen, kënn een op dee Montant. Dat heescht, et ass falsch, hei ze soen, mir géifen et haut just ëm 5 Euro erhéijen. Mir hunn der Regierung hei d'Carte blanche ginn, fir bis op 56 Euro d'Tonn eropzegoen, an dat ass mat ee vun de Grënn, firwat mir eis enthalten hunn an ech wollt dat awer nach kloerstellen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Ech gesinn elo keng Wuertmeldung a jiddwereen huet säi Punkt zu dëser Motioun gemaach, sou datt mer se elo kënnen zur Ofstëmmung bréngen.

Vote sur la motion 1

De Vott iwwert d'Motioun vum Här Fayot fänkt elo un. D'Procuratiounen.

Déi Motioun ass ofgeleent mat 35 Nee-Stëmme géint 20 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) ;

MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emilie Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), Nathalie

Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Motion 2

Domat komme mer zur nächster Motioun, der Motioun 2 vun der ADR. Wëllt den Auteur, den Här Keup, nach eng Kéier kuerz Stellung dozou huelen? Dat ass net de Fall.

Wie freet d'Wuert, fir zu dëser Motioun Stellung ze huelen? Keen? D'Madamm Adehm freet d'Wuert. Madamm Adehm.

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Jo, ech wollt nach eng Kéier kuerz drop zrëckkommen, fir ze soen, datt mir dat hei net unhuelen. Ech mengen, et ass ugeklongen: Et ass virgesinn, an den nächste Joren eng global Steierreform oder zumindest emol e Projet virzeleeën. Den éischte Pak hu mer d'nächst Woch mat enger Upassung vun der Steiertabell un d'Inflation a mir halen eis un dat, wat am Koalitionsaccord virgesinn ass.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm. Ass soss nach eng Wuertmeldung am Sall? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géife mer och zum Vott iwwert d'Motioun 2 vum Här Fred Keup kommen.

Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un. D'Procuratiounen. A Schluss vum Vott.

Ech checke léiwer d'Resultater no, well mäin Ecran am Ufank net gaange war, mee et schéngt awer elo ze funktionéieren.

Dës Motioun ass ofgeleent mat 52 Nee-Stëmme géint 5 Jo-Stëmmen an 3 Abstentiounen.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emilie Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) ;

MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.

Motion 3

Da komme mer zur nächster Motioun, der Motioun 3 vun de Piraten. Här Clement, wëllt Dir nach eng Kéier kuerz explizéieren?

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz kuerz, Här President, merci. Ech hunn et virdu gesot, an den Här Roth huet jo och duerch e Rechebeispill nach eng Kéier gewisen, wou de Problem ass. Dat ass elo beim Crédit d'impôt CO₂ de Fall. Dat ass awer och bei all deenen anere Crédit-d'impôts de Fall. Ech si mer ganz bewusst, datt een dat heiten net kann haut oder muer ëmsetzen. Mir sinn och um Enn vun engem Budgetsjoer, mir fänken elo dat nächst un. Dat doten ass net eppes, wat fir muer kann ëmgesat ginn. Ech wär also ganz frou, wa mer dat an der Kommissioun kéinten diskutéieren. Dat géif eis largement lo mol duergoen, mee et ass wichteg, datt mer deen Impuls awer setzen, haut ze soen, datt mer déi Barëmen zumindest eng Kéier op de Leescht huelen an dann och kucken, wat dat géif kaschten, datt een dat och en connaissance de cause kéint maachen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Hu mer dozou eng Wuertmeldung? Den Här Fayot freet d'Wuert.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci Här President. Ech muss soen, also mir hunn duerchaus Sympathie fir déi Motioun hei, mee ech mengen effektiv, dass ee sech eng Kéier misst domadder ausernanersetzen, och kucken, wat d'Interaktioun ass mat deem Gesetz, wat nach soll virun Enn des Joers gestëmmt ginn, wou jo d'Barëmen, de Barème allgemeng ugepasst gëtt un déi véier Indexranchen a kucken, wéi dat zesumme funktionéiert. Ech mengen, dat sinn technesch Froen, déi sech stellen, wou ee muss kucken och natierlech, wat den Opwand dovunner ass, mee am Prinzip fanne mer dat hei am Fong eng interessant Motioun a géife proposéieren, dass mir dat dann an d'Kommissioun géifen huelen, an d'Finanzkommissioun, fir dat weider ze analyséieren.

M. Claude Wiseler, Président | Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Gilles Baum (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Effektiv wär et eng Kéier interessant, well mer jo awer och ganz vill Kolleegen heibannen hunn, déi nei sinn, wann ee mol eng Kéier géif kucken: Wat gëtt et alles vu Steierkreditter? An déi richteg Plaz do, déi wier natierlech an der Finanzkommissioun, fir eng Kéier ze kucken: Wou sti mer lo? Wéi vill gëtt ausbezueelt? Wat géif dat ausmaachen, wa mer se effektiv géifen upassen? Dass ee mol eng Kéier géif ee globalen Iwwerbléck kréien. An dofir kënnen mir als Demokratesch Partei dermat averstane sinn, wa mer géife soen: Mir huelen déi heiten an d'Finanzkommissioun.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. D'Madamm Tanson huet nach d'Wuert gefrot.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, et geet mir änlech wéi dem Här Fayot. Mir fannen och, dass déi Demarche sympathesch ass. Mir haten eeben och gesinn am Avis vun der Chambre des Salariés zu dem Projet 8290 ... Et geet jo net nëmmen ëm deen heite Crédit d'impôt, raison de plus, fir et wierklech an der Kommissioun ze diskutéieren. Net fir en Iwwerbléck iwwer all d'Crédit-d'impôts ze kréien, mee fir ze gesinn, wat et effektiv beim Eenzelen ausmécht an u wéi enge Schrauwen ee kéint dréien a wat och kéint herno den Impact financier vu verschiddene Mesüre sinn. Dofir ënnerstëtze mir, fir et an d'Kommissioun ze huelen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. D'Madamm Adehm huet d'Wuert gefrot.

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Jo, ech géif dann einfach proposéieren, wann den Här Clement domadder d'accord wier, se zrëckzezéien, well de Minister huet jo säin Accord ginn, fir eng Kéier an der Kommissioun doriwwer ze diskutéieren.

(Hilarité)

Dach!

M. Claude Wiseler, Président | Här Clement, Dir sidd hei ugeschwat.

M. Sven Clement (Piraten) | Här President, dat wär lo awer eng ganz nei Prozedur.

(Hilarité)

Also, mir bleiwe schonn dobäi: Wann hei eng grouss Majoritéit sech weist, fir se an der Kommissioun ze thematiséieren, dann hätte mer se och gären do thematiséiert.

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Wolter huet d'Wuert gefrot.

M. Michel Wolter (CSV) | Här President, ech fannen dat guer net, datt d'Interventioun vun der Madamm Adehm hei zu där grousser Hilaritéit sollt féieren, déi lo hei geschitt ass, well dat, wat elo proposéiert gëtt, ass eppes anescht, wéi dat, wat hei an der Motioun steet. Wann de Minister sech d'accord erkläert, fir an der Chamberskommissioun eng Kéier iwwert déi Problematik hei ze diskutéieren, dann heescht dat nach laang net, datt, wann een dat elo an d'Kommissioun hält, dass een domadder d'accord ass, dass een de Barème géif upassen. An dowéinst géif ech eigentlech den Här Clement froen, fir sech vläicht mat der Äntwert vun der Regierung zefridden ze ginn, déi hei vun alle Bänke gedeelt gëtt, fir de Punkt op den Ordre du jour ze huelen. Ech soen Iech och firwat: Well dës Motioun dem Reglement vun der Chamber no no dräi Méint muss erëmkommen. Wa mir se also tel quel an d'Kommissioun ginn, da muss se innerhalb vun dräi Méint erëmkommen. Ech gleewen awer net, dass mer innerhalb vun dräi Méint hei eng Solutioun op d'Fro hunn. Dat heescht, da kéint ee se eigentlech direkt ofleenen a soen: Mir diskutéieren awer an der Kommissioun driwwer. Mee déi Prozedur, fir eigentlech eng Opfuerderungen un d'Regierung an eng Debatt vun der Chamberskommissioun ëmzewandelen, ouni dass een eigentlech seng Finalitéit ännert, hunn ech ëmmer schonn eng schlecht Prozedur fonnt a fannen ech och nach ëmmer eng schlecht Prozedur.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wolter. Kommt, mir maache lo hei keng zwee Gespréicher. Ech hunn hei eng Motioun vun de Piraten leie mat enger Demande, fir se zrëckzezéien an um Ordre du jour an der Kommissioun eng Kéier de Punkt ze abordéieren. Den Här Clement ass net bereet, dës Motioun zrëckzezéien. Ech hunn eng aner Proposition hei leien, fir se an d'Kommissioun ze iwwerweisen. Ech géif déi Proposition zum Vott stellen, ob se an d'Kommissioun soll iwwerwise ginn. Wann dat net de Fall ass, géife mer driwwer ofstëmmen.

Kënne mer dee Vott par main levée maachen?

Une voix | An d'Kommissioun?

M. Claude Wiseler, Président | De Vott ass, ob mer se an d'Kommissioun zrëck renvoyéieren. Kënne mer dee Vott par main levée maachen oder ass een, deen e Vote électronique wëllt?

(Brouhaha)

Haalt emol Är Fanger, Är Äerm erof. Meng Fro ass elo: Ass een, deen e Vote électronique freet?

Une voix | Nee.

M. Claude Wiseler, Président | Wann dat net de Fall ass, kënne mer se par main levée ofstëmmen.

Vote sur le renvoi de la motion 3 en commission

Wien ass d'accord, fir se an d'Kommissioun ze iwwerweisen?

(Hilarité et brouhaha)

M. François Bausch (déi gréng) | ... Dir hutt et dach selwer proposéiert!

M. Sven Clement (Piraten) | Här Baum!

Une voix | Wat ass hei lass?

M. Sven Clement (Piraten) | Awer wéinstens Dir ...

M. Claude Wiseler, Président | Sou. Ech gesinn, datt d'Oppositioun bereet ass, se an d'Kommissioun ze iwwerweisen. Dat ass ...

Wien ass dergéint, fir se an d'Kommissioun ze iwwerweisen?

Dat schéngt mer d'Majoritéit hei ze sinn, sou datt se net an d'Kommissioun iwwerwise gëtt.

An deem Fall gëtt se hei ofgestëmmt. Mir procedéieren also elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 3 vun de Piraten.

M. François Bausch (déi gréng) | Déi nächste Kéier frot Dir fir d'éischt, éier Dir esou eppes sot, Här Baum!

Une voix | Gelift?

Vote sur la motion 3

M. Claude Wiseler, Président | De Vott fänt elo un.

(Brouhaha)

De Vott ass ofgeschloss.

(Brouhaha)

Dës Motioun ass ofgeleent mat 35 Nee-Stëmme géint 14 Jo-Stëmmen an 11 Abstentiounen.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schackmel.

Se sont abstenus : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding).

10. 8311 – Projet de loi portant approbation de l'Avenant modifiant la Convention du 23 avril 2012 entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République fédérale d'Allemagne tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, fait à Berlin, le 6 juillet 2023

Voilà, domat komme mer dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, also dem Projet 8311,

engem Avenant tëschent Lëtzebuerg an Däitschland, dee souwuel d'Duebelbesteuerung wéi och d'Steierflucht an d'Steierhannerzéiung soll verhënneren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet zéng Minutten, déi verschidde Fraktiounen a Sensibilitéit jeeweils fënnf Minutten an d'Regierung huet zéng Minutten. Et si schonn ageschriwwen: den Här Guy Arendt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

M. Marc Spautz (CSV), rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, Iech hei kënnen e mëndleche Rapport ze maachen iwwert de Projet de loi 8311. Virun e puer Joer hätte mer vill méi laang iwwert dat geschwat, wat an dësem Projet dran ass. Do geet et nämlech ëm d'Duebelbesteuerungsofkommes mat Däitschland, wou et ganz wichteg ass, dass mer do déi néideg Akzenter setzen. An ech hu mer erlaabt, Här President ...

(M. Marc Spautz montre un journal.)

De leschte Sonnde stoung an enger däitscher Zeitung ganz grouss am Kader vum Homeoffice, wéi wichteg et ass, dass deen Accord tëschent Lëtzebuerg an Däitschland, deen am Juni 2023 vun der Madamm Yuriko Backes an dem Här Christian Lindner ënnerschriwwen ginn ass ..., wéi wichteg deen ass als Akzent och am europäesche Volet.

Ech wëll drun erënneren: Mir schwätzen hei iwwert d'Upassung wéinst dem Teletravail, mee et ass net nëmmen den Teletravail, deen an dësem Kader geännert ginn ass. Et ass eng Ännerung vun der Konventioun vun 2012, déi zwëschen Lëtzebuerg an Däitschland gemaach ginn ass. Hei geet et och drëm, fir d'Mindeststandarde vun de BEPS an de Steuerreegele vun der OECD ..., dass dat alles mat opgehol gëtt. Hei geet et och drëm, alleguerten deene Saache Rechnung ze droen, déi säit 2012 komm sin. An ech muss och soen, mir haten och an der Kommissioun doriwwer rieds, och fir eis ass et wichteg, dass dat, wat am Kader vun de Plan-socialen a vun de Licenciementen ass, och an Zukunft aneschtens berücksichtegt gëtt am Kader vun dësem Steierofkommes.

Et muss een och drun erënneren, wéi wichteg et och war am Teletravail – an dat hu mer grad während der Covidzäit gemierkt –, dass mer et do fäerdegbréngen, eenheetlech Reegelen ze hu mat eisen dräi Nopeschlänner. Mat deenen zwee anere Länner ware mer schonn op 34 Deeg, et war just Däitschland, déi nach op 19 Deeg waren. A mat dësem Gesetz wäerte mer och do op 34 kommen, woumadder et kloer ass, dass eis dräi Nopeschlänner déi selwescht Behandlung hu fir déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen.

Ech wëll dann elo och op déi eenzel Avisen agoen, déi dozou komm sinn.

Et ass en Avis komm vum Conseil d'État, deen näischt Extraes ze soen huet.

Et ass och nach en Avis komm vun der Chambre des Salariés, déi och nach eng Kéier drun erënnert, dass dat nach ëmmer wäit ewech ass vun deenen 49,9 %, déi an der europäescher Direktiv, wou den deemolege Sozialminister, den Här Haagen, mat dru geschafft huet, festgehale goufen, fir dass d'Sozialverséierungsbeitrэг op 49,9 % vun der Gesamtaarbechtszäit géife kommen. Wa mer do géifen eropgoen, da wiere mer iwwer 100 Deeg. Dat ass nach wäit ewech dovunner.